



N°4535  
Reçue le 22.06.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 22.06.2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bannenzeg Sécherheet & Finanzen weiderzeleeden.**

Am Fall vun enger Ransomware Attack, ginn d'Daten op engem Gerät verschlüsselt an et gëtt eng Noriicht un d'Affer geschéckt, an der eng gewëssen Zomm Sue verlaangt gëtt als Echange fir erëm Accès op seng Daten ze kréien. D'Affer ginn also mat hire perséinlechen Daten erpresst.

Dës Aart vu Cyberattack gëtt ëmmer méi geleeft. D'CISA, d'US Cybersecurity Agency huet am Januar 2021 d'Campagne "Reduce the Risk of Ransomware Campaign" an d'Weeër geleet, fir besonnesch d'Firmen op dës Gefor opmierksam ze maachen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vu Ransomware Attacke goufen an deene leschte 5 Joer zu Lëtzebuerg gemellt?
2. Huet d'Regierung Donnéeën dozou, wéi vill Ransomware Attacken an deenen leschte 5 Joer op EU-Niveau festgestallt goufen?
3. Wat réit d'Lëtzebuerg Regierung Persounen déi vun esou Attacke betraff sinn?
4. An engem Artikel vum Sender Fox Detroit gëtt iwwert d'Méiglechkeet vun engem Ofsetze vun de Stéiere vum Schued dee privat Persounen oder Firme kann duerch esou eng Attack entstoën, geschwat. D'FBI warnt virun esou enger Steierpolitik, well d'Täter doduerch éischerter vun den Affer bezuelt ginn, an esou geneigt sinn, nach méi Attacken ze starten.  
Gouf et zu Lëtzebuerg scho Fäll, bei deenen de Schued deen duerch eng Ransomware Attack vun de Stéieren ofgesat gouf?  
Falls nee, wéi steet de Minister zou esou enger Steiererliichterung? Wier dës zu Lëtzebuerg méiglech?



Mat déiwem Respekt,

---



CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)